

physique régulier. Dir kënnt Iech och erënneren, dass mer de leschte Mount eng grouss organiséiert Campagne haten iwwert de Sel iodé hei zu Lëtzebuerg. Fir d'nächst Joer hu mer envisagéiert, fir eng ze maachen iwwert d'Obésité, d.h. fir déi Leit, déi anormal schwéier, respektiv déck sinn.

Dir frot dann och, ob ech géif mengen, dass an de Spideeler an an de CIPAen de Kascht net gutt wär. Ech wëll mech deem Avis net uschléissen. Ech si fest dovun iwwerzeegt, dass op deene meeschte Plazen d'Ernährung ganz, ganz gutt ass, wat selbstverständlech awer Exceptionen net ausschléisst. Ech mengen och, dass ee muss soen, dass déi "nouvelles techniques culinaires" trotzdem ganz vill zu enger Erhéijung vun der Qualitéit bäigedroen hunn, an ech wëll des Weideren och drun erënneren, dass haut awer schonn a munchen Etablissements zwee, voire dräi Menüen au choix sinn, wou d'Leit et kënnen eraussichen.

Mir hunn awer e Problem, an dat ass haaptsächlech an den Etablissements de long séjour. Ech verstinn dorënner d'Maisons de soins an d'CIPAen, well et do fir d'eeler Leit net ëmmer ganz einfach ass. Déi eeler Leit, mat hire sougenannten "habitudes culinaires", verlaangen normalerweise eppes, wat hirem Goût entsprécht, an net sou dacks eppes, wat gesond ass. Do muss also ëmmer e Kompromiss gesicht ginn.

Déi lescht Fro, déi Der stellt, ass déi, ob eng Amélioration méiglech wär. Ech wëll eng Amélioratioun a kengem Fall ausschléissen! An deem doten Domaine, wéi och an aneren Domainer, kann ee selbstverständlech ëmmer eppes besser maachen. Dofir schaffe mer och weider mam Ministère de la Famille. Mir sinn de Moment z.B. amgaangen, eng Brochure commune auszuschaffe mam Titel "L'alimentation des personnes âgées", wou mer also ganz, ganz konkret op déi dote Problematiken aginn. Des Weidere sinn an deem dote Kader och Formations continues virgesi fir déi Responsabel a fir d'Personal vun de CIPAen.

M. le Président.- Domat wär dee Punkt ofgeschloss. Mir hunn nach zwou Questioune vum Här Camille Gira a vum Här Alex Bodry opstoen. De Minister Goerens, respektiv säi Statssekretär hu sech bereet erkläert, déi Froen ze beäntweren, mä si si berufflech zrëckgehalen.

Dofir géife mer elo mam normalen Ordre du jour virufueren. De Marcel Glesener mécht de Rapport iwwert de Projet de loi 4522. Soubal dann de Minister, respektiv de Statssekretär antreffen, kënnen déi Froen nach gestallt ginn.

Den honorablen Här Marcel Glesener huet d'Wuert.

(Interruptions)

8. Projet de loi 4522 concernant l'institution d'un comité d'entreprise européen ou d'une procédure dans les entreprises de dimension communautaire et les groupes d'entreprises de dimension communautaire en vue d'informer et de consulter les travailleurs

Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi

M. Marcel Glesener (CSV), rapporteur.- Merci, Här President. Ech hu fir zing Minutten!

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Jo, genee zing Minutten!

M. Marcel Glesener (CSV), rapporteur.- Kollegeinnen a Kollegen, de Projet, deem elo zur Diskussioun steet, betrëfft d'Ëmsetzung vun enger europäescher Direktiv an eis national Gesetzgebung. Déi Direktiv datéiert vum 22. September 1994. D'Ëmsetzung sollt bis zum 22. September 1996 erfollegt sinn. Dat ass awer nach net geschitt. Lëtzebuerg ass also dat lescht Land vun der Europäescher Unioun, wat dës Direktiv an hiert nationaalt Recht ëmsetzt. Ebefalls ass Lëtzebuerg kierzlech vum europäesche Gerichtshaff veruerteelt ginn, well mer deem Datum net agehalen hunn.

Ëm wat geet et? Ëmmer méi Betriber hunn eng grenziwwerschreidend Strukturéierung. Entscheidungen, déi am Zentralsätz vun engem Land getraff ginn, hu ganz oft hir Auswierkungen op Siten an aneren europäesche Länner. Mir erënneren eis z.B. un d'Affär Renault vu Vilvoorde, wou Dausende Leit vun haut op mar hir Existenz entzu kritt hunn.

D'Sozialcharta vun der Europäescher Unioun vun 1989 gesäit an hirem Artikel 17 vir, den Arbeitnehmer an de Gewerkschaften Informatiouns- a Consultatiounsrechter ze ginn an Entreprises, déi grenziwwerschreidend am EU-Raum operéieren. Uschléissend un déi Sozialcharta huet d'Kommissioun Verhandlungen opgehollet mat dem europäesche Gewerkschaftsbond an der UNICE. D'Folleg vun deene Concertatioune war wéi gesot déi Direktiv vum 22. September 1994.

D'Zil vun där Direktiv ass et, fir a fräie Vereinbarungen europäesch Betribsréit anzeféieren. Wann diesbezüglich Verhandlungen zu kenge Vereinbarunge féieren, da kommen déi gesetzlech Bestëmmungen zur Uwendung, falls an deenen eenzelnen europäesche State sou Gesetzgebungen bestinn. Dofir ass et noutwendeg an och virgesinn, datt an all EU-Stat déi europäesch Direktiv an d'nationaalt Recht ëmgesat gëtt.

De 27. März 1996 schonn huet déi zoustänneg Chamberkommissioun Aarbecht a Beschäftegung sech déi éischt Kéier mat der Direktiv ausenanergesat. Uschléissend huet sech d'Regierung mat de Sozialpartner concertéiert, an den 28. Januar 1999, also virun engem décke Joer, huet d'Regierung hire Gesetzesprojet deposéiert. D'Berufschamberen hu relativ schnell, an Zäit vun e puer Méint, hir Avien ofginn, an de Statsrot huet säin Avis de 7. März dëst Joer virgeluegt. Du war et natierlech un eiser Kommissioun, fir sou schnell wéi méiglech der Chamber e sprochräife Projet ze presentéieren. Mir hunn eng Rei vun Amendementen virgeholl, an no véier Sätzungen ass de Rapport, deem Iech virläit, eestëmmeg vun der Kommissioun ugeholl ginn.

Wat ass am Projet dran? Ech wëll mech kuerz faassen. De Projet riicht sech 100%eg un d'Leitlinie vun der Direktiv, huet awer och eng Rei vu Verbesserungen. Sou

gi virun allem d'Informationsrechter a -pflichten am Artikel 35 kloer definéiert, a fir alles, wat d'Struktur vu Betriber betrëfft, besteet eng Informationspflicht.

D'Gewerkschaften an d'Leit mussen informéiert ginn, wa Verännerungen am Aktionariat virkommen, wa wirtschaftlech a finanziell Aktualitéitsverännerungen sech entwéckelen, wa méiglech Ännerungen vun den Aktivitéite vun der Produktioun a vun der Verkaufspolitik an deenen eenzelnen Entrepreneuren op der Dagesuerdnung stinn, wann an der Fro vun der Beschäftegung eng Evolutioun am negativen oder am positive Sënn sech unzechent, wann nei Investitiounen an deenen eenzelne Betriber envisagéiert ginn, wann d'Aarbechts- an d'Produktionsmethode geännert ginn, wann et zum Transfert vu Produktionsseenheeten an aner Länner kënnt, wann iwwer Fusiounen diskutéiert gëtt an der beschloss ginn, wat zu Betriebsschléissunge féiert, wat zu Entloossunge féiere kann, alles dat si Punkten, wou d'Leit, déi an deene Betriber schaffen, e Recht op Informatioun a Konsultatioun hunn. Doriwwer eraus ass et och eng vun den Aufgaben vun deem europäesche Betribsrot, sech iwwer Berufsausbildungsprogrammer Gedanken ze maachen.

Ech wëll ausdrécklech ënnersträichen, dass, net wéi am Lëtzeburger Matbestimmungsrecht, déi Informationsobligatiounen zu Verhandlungen féieren, et ass keng Verhandlungsméiglechkeet virgesi fir d'Gewerkschaften, déi an deenen europäesche Betribsréit Member sinn, mä et bestinn nëmme Informationsrechter.

Den Uwendungsberäich zu Lëtzebuerg:

- Viséiert sinn all Betriber, déi am EU-Raum implantéiert sinn, wa se eng Beschäftigungszuel vun 1.000 Unitéite virweisen.

- Déi Entreprisë mussen a wéinegstens zwee Memberstaaten implantéiert sinn.

- Si mussen an deenen zwee Memberstaaten jeweils wéinegstens 150 Leit beschäftegen.

Wann et zu kenger fräier Vereinbarung kënnt, trieden déi gesetzlech Bestëmmungen a Kraaft, an et muss zu europäesche Betribsréit no bestëmmte Kritäre kommen.

D'Verantwortung opläit Lëtzebuerg, wann d'Betriber hire Siège zu Lëtzebuerg hunn. Dat betrëfft de Moment d'ARBED, d'CLT, DuPont de Nemours, d'TDK, d'Good-year, d'Luxguard, Mobil Plastics an d'KBL.

Doriwwer eraus gëtt et eng relativ héich Zuel vun Entrepreneuren, ënner aneren d'Banken, déi hire Siège net zu Lëtzebuerg hunn, wou awer opgrond vun deem jeweiligen nationale Recht, wou de Betrieb seng Direktioun huet, europäesch Betribsréit funktionnéieren. Leider Gottes hu mer keng Méiglechkeet hei en Inventar ze maachen. Mir hu keng Stell an der Regierung, déi eis soe kann: Mir hunn zu Lëtzebuerg déi Zuel vu Betriber, déi an engem Betribsrot integréiert sinn, déi hire Sëtz an engem aneren EU-Land hunn.

Dat gesot, ganz kuerz wat d'Gesetz am eenzelne virgesäit:

- D'Uwendungsbestëmmungen. Ënnert welleche Konditiounen zu Lëtzebuerg opgrond vun der Direktiv een europäesche Betribsrot muss funktionnéieren, wéi en zesummesat ass, wéi d'Prozedur sinn, dass dee Betribsrot kann an d'Liewe geruff ginn, wéi e soll funktionnéieren.

- Ënnert welleche Konditiounen Verhandlungen gefouert ginn a vu wem d'Verhandlungen gefouert ginn, déi zu engem Accord féiere sollen, a wann et net zu engem Accord kënnt, da mussen d'gesetzlech Bestëmmungen als minimal Konditiounen applizéiert ginn.

- D'Asetze vum Betribsrot. D'Walprozedur. Wéi ginn déi eenzel Leit vun deenen eenzelne Betriber designéiert. Si gi gewielt vun den Delegatiounen opgrond vun enger ganz konkreter Walprozedur.

- D'Kompetenzen an d'Rechter vum Betribsrot a wéi de Betribsrot ze funktionnéieren huet. Wier d'Käschte soll droen. Grenzüberschreidend Reuniounen mussen stattfannen.

- De Fonctionnement vun dem europäesche Betribsrot. Wéini an Ënnert welleche Konditiounen d'Delegéiert aus dem Betrieb Informatiounen mussen kréien, a wa se schriftlech Demanden maachen, wéini an a wellecher Form d'Generaldirektioun vun deem europäesche Betrieb uegelen ass Informatiounen weiderzeginn.

- Zum Schluss Stfbestëmmungen, déi och an eise Projet stinn, beim Net-Anhale vun deene gesetzleche Contrainten, déi haut sollen zur Ofstëmmung kommen.

Esouwäit zum Projet. Fir Eenzelheete verweisen ech op de schriftleche Bericht an och op den Text vum Gesetz.

Am Numm vun der Kommissioun wëll ech folgend Schlussfolgerungen festhalen an zwar, dass d'Uwendung vun dëser Direktiv een entscheidende Schrëtt ass zu enger méi europäescher Matbestëmmung, déi mat Sécherheet an deenen nächste Joréngten nach weider wäert ausgebaut ginn. Et kann een dat hei net vergläiche mat de Matbestëmmungsbestëmmungen zu Lëtzebuerg. Et ass eng Informatiouns- a Konsultationsprozedur virgesinn, mä et ass schonn e wesentleche Schrëtt zu méi europäescher Matbestëmmung hin.

Deemzufolleg ass an der Direktiv virgesinn, dass Ausgangs 1999 eng Beurteilungsprozedur soll ulafen, wou déi Erfahrungen, déi op gesetzlech Plang sech erginn hunn, sollen evaluéiert ginn an d'Kommissioun dann déi noutwendeg Propositionen soll ënnerbreeden.

D'Zil vun där Prozedur ass eng eventuell Erweiterung vun der Gesetzgebung. Fir Lëtzebuerg besteet déi allerhéchst Drénglechkeet, fir endlech dës Direktiv an d'nationaalt Recht ëmzesetzen.

Ech wëll ofschléissend de Membere vun der Kommissioun merci soe fir hir Mataarbecht. D'Kommissioun huet eestëmmeg dee Rapport, deen Iech virläit, ugehall. Ech soen alle Membere vun der Kommissioun merci fir déi konstruktiv Mataarbecht, och de Mataarbechter vum Aarbechtsministère, dem Sekretariat vun der Chamber an de Mataarbechter vu menger Fraktioun.

Eis Kommissioun war eestëmmeg der Meenung, dass d'Chamber sollt schnellstméiglech dee Projet hei unhuelen an ëm eng breet Zoustëmmung ginn.

Am Numm vun der Kommissioun bieden ech d'Kolleegeinnen an d'Kolleegeen dësem Projet hir Zoustëmmung ze ginn. Och wëll ech uschlëssend den Accord vun eiser Fraktioun - der CSV - zu deem Projet ginn.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Den Här Marc Zanussi huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Marc Zanussi (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech wëlt am Numm vu menger Fraktioun dem Här Marcel Glesener merci soe fir säin detailléierte schrëftlechen a mëndleche Bericht iwwer d'Ëmsetzung vun der europäescher Direktiv 94/95 vum 22. September 1994.

Dës Direktiv huet eng gewësse Bedeitung, Bedeitung op déi de Marcel Glesener a sengem mëndleche Rapport agaangen ass. An der Kommissioun gouf et effektiv e breede Konsens, dass dës Direktiv esou séier wéi méiglech sollt ëmgesat ginn. Et kënnt d'Tatsaach derbäi, dass mir als Lëtzebuerg dat lescht Land sinn, wat dës Direktiv ëmsetzt.

Et ass eng Direktiv, déi, wat d'Matbestëmmung ubelaangt, schonn eng gewësse Bedeitung huet, an domat och eng Rei vu minimale Kadere setzt, ënnert deenen op europäeschem Plang déi Matbestëmmung muss garantéiert ginn. Mir sinn net nëmmen dat lescht Land, wat se ëmsetzt, mä mir sinn och op der Cour condamnéiert ginn, well mer se net ëmgesat hunn. Dofir ass deen Akt vun haut, fir dës Direktiv an d'Lëtzebuerger Recht anzeschreiwen, ëmsou méi wichteg.

De Rapporteur huet gesot, dass mer eis beim Text ausschliesslech un den Text vun der Direktiv gehalen hunn. Dat ass zum allergréissten Deel richtig. Et muss een awer vläicht erwähnen, dass mir als Fraktioun, iwwer de Wee vun engem Amendement, eng kleng Modifikatioun proposéiert hunn op der Basis vum Avis vun der Chambre des Employés privés, wou urspringlech am Text virgesi war, dass d'Entreprisë bei gréissere Problemer, bei Kollektiventloossungen oder Ähnlechem, en Avis vum Betribsrot kënnen anhuelen.

Mir hunn an deem Amendement formuléiert, dass d'Entreprise forcéiert gëtt, Informatiounen iwwer esou grave Evénementen am Betrib un d'Delegatioun weiderzeginn. Domat mengen ech, wär en zousätzlecht Element fir Transparenz a Protektioun vun de Leit, déi an deene Betriber schaffen, bäibruucht ginn.

Et ass noutwendeg, dass mer déi Direktiv haut ëmsetzen. D'Diskussioun an der Kommissioun war ganz positiv, an ech kann den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet bréngen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Niki Bettendorf.

M. Niki Bettendorf (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ier ech e puer Wieder iwwert de Gesetzesprojet 4522 wäert verléieren, wëll ech fir unzefänken dem President-Rapporteur, dem Här Marcel Glesener, merci soe fir säin ausféierleche Rapport.

Mir schwätzen haut iwwer e Gesetzesprojet, deen am Kader vum europäesche Bannemaart sécherlech e gewës-sent Gewiicht huet. D'Evolution vun der Wirtschaft an den Entreprises um europäesche Plang huet bewisen, wat et heescht, iwwert d'Lännergrenzen erauszegoen an transnational ze denken. Dausende vu groussen a vu klengen Entreprises hu sech am Laf vun der Zäit net nëmmen an hirem Land etabléiert, mä och an aneren EU-Memberstaten.

Wann dës wirtschaftlech strategesch wichteg Schrëtter hir Friichten droen, da muss d'Kommunikatioun an d'Informatioun tëschent Siège an auslännesche Succursalen selbstverständlech stëmmen, an dat net nëmmen a Bezuch op d'wirtschaftlech Rentabilitéit. Dat klappt gewéinlech, mä och d'Employéë mussen Zougank hunn zu deenen néidegen Informatiounen. Fir dësen Zougank ofzesécheren an ze ënnerstëtzen, huet d'Europäesch Unioun 1994 hire Memberstaten eng Direktiv ginn, déi sech op de Punkt 17 vun der Charte communautaire aus dem Joer 1989 iwwert d'Basis sozial Rechter vun den Aarbechter bezitt: "L'information, la consultation et la participation des travailleurs doivent être développées selon des modalités adéquates en tenant compte des pratiques en vigueur dans les différents Etats membres. Cela vaut en particulier dans des entreprises ou des groupes comportant des entreprises ou établissements situés dans plusieurs Etats membres."

Am Géigendeel zu all deenen aneren EU-Länner hat Lëtzebuerg d'Wichtigkeet vun der EU-Direktiv 94/95 awer nees emol verkannt. Mäi Virriedner, den Här Zanussi huet drop higewisen. Eist Land huet, wéi esou oft, misse vum europäesche Geriichtshaff verklot ginn, bis et zur Ëmsetzung vun der Direktiv an eis national Gesetzgebung kouw.

Och d'Argument aus dem Rapport, duerch dës Retard wier et Lëtzebuerg méiglech gewiescht d'Exekutiouns-direktiv vun 1997 iwwer England gläich an engems ëmzesetzen, ännert näischt um Fait, dass et sech hei ëm eng administrativ Noléissegkeet handelt. A well et, wéi mir alleguer wëssen, net déi éischte Kéier ass, dass Lëtzebuerg verklot gëtt, dréit dës bestëmmt näischt derzou bäi, fir den Image vun eisem Land an Europa nees opzebesseren. Et ass awer dofir ëmsou méi ze begrëssen, dass eis nei Regierung den neien Tempo bäibehält, fir EU-Direktiven ëmzesetzen. Mir si schonn e gutt Stéck an der Ëmsetzung méi virukomm, wéi dat virdrun de Fall war.

Déi immens Wichtigkeet vun dësem Projet gëtt schonn eleng domat ënnerstrach, wa mir bedenken, dass an Europa 1.200 Betriber vun der EU-Direktiv betraff

sinn a 500 vun hinnen hu schonn e Comité européen d'entreprise.

Lëtzebuerg eleng zielt 15 Entreprises - mëttlerweil sinn et der méi -, déi ënnert dës Gesetzprojet falen. Eng Zuel, wa mer déi mat Frankräich vergläichen, wou et der ongeféier 50 sinn, déi op de wirtschaftleche Wuelstand vun eisem Land hiweist, wou et wierklech vill Aarbechtsplaze gëtt.

Déi europäesch Direktiv ass awer net nëmme wichteg fir déi 15 Entreprises zu Lëtzebuerg, déi betraff sinn, mä mir hunn am Land nach vill méi Firmaë mat hiren Employéen, déi dervu betraff sinn, well hir Mammefirmen am Ausland ënnert d'Direktiv falen.

Et ass dofir wichteg, der europäescher Direktiv och déi noutwendeg Publicitéit ze ginn an deenen hei schaffenden Employéen hir Rechter ze erklären. Hei kënnen d'Gewerkschaften och eng wichteg Roll spillen. Mä och an der Praxis huet d'Aféierung vun engem Comité européen d'entreprise sech längstens bewährt, wéi d'Beispill vun engem grouse franséischen Automobilkonzern an der Belsch beweist. 1998 gouf dës Konzern vun der Cour d'appel vu Versailles verklot, well d'Direktioun vun der belscher Filial d'Schléissung vun der Auto-Usine beschloss hat, ouni awer de Comité ze informéieren an ze konsultéieren.

D'wirtschaftlech Evolutioun vun Europa, déi ëmmer méi grenziwwerschreidend an zum Deel oniwwersiichtlech gëtt, dréit derzou bäi, dass gewësse Sécherheeten, virun allem wa se d'Aarbechter betreffen, ënnert den Dësch falen. En egalitären Traitement vun all Aarbechter aus enger Entreprise, déi transnational aktiv ass, setzt viraus, dass d'Informatioun an d'Konsultatioun och iwwe d'Grenzen eraus stëmmt. Dës ass keng anormal Entwécklung, mä si kann awer duerch eng prezis Gesetzgebung besser geleet an iwwe waacht ginn.

Dofir wäert d'Demokratesch Partei dës Projet och stëmmen.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Aly Jaerling agedroen. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

M. Aly Jaerling (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vum ADR wëll ech och dem Rapporteur félicitéieren fir säin ausféierleche Rapport, awer och der Kommissioun fir déi gutt Aarbecht, déi si am Interessi vum Salarat hei geleescht huet.

Ech mengen et ass nëmme ze begrëssen, wann d'Rechter vum Salarat och op europäischem Niveau erweert ginn, zumools wou mir wëssen, dass duerch déi international Liberaliséierung d'Décisiounen net méi national geholl ginn, oder net méi kënne geholl ginn. Dofir ass et wichteg, dass d'Rechter vum Salarat, besonnesch wat d'Informatioun an d'Matsproochrecht ubelaangt, och am gläiche Mooss ausgebaut gi wéi déi international Evolutioun an de Betriber.

Erlaab mir awer aus Erfahrung op eng gewësse Gefor hinzeweisen, déi an dësem Projet an och an der Direktiv lauer kéint. Et ass dat e méigleche Splitting vun den Unitéite fir ze verhënnern, dass esou Comité d'entreprise agefouert ginn. Ech mengen d'Gewerkschaften wëssen alleguer aus Erfahrung, dass dat hei scho bei den Delegatiounen de Fall war. Do muss een oppassen, dass dat net och op europäischem Niveau geschitt, dass heescht, dass e Splitting vun den Unitéite kënnt, just fir déi hei Mesur, déi am Interessi vum Salarat ass, ze verhënnern.

Besonnesch ze begrëssen ass awer, dass duerch déi Direktiv an duerch de Projet hei de Sozialdialog ka gefördert ginn, wat am Interessi vum Salarat an och - géif ech mengen - am Interessi vun de Betriber ass.

Ze bedauern ass awer, dass mir hei hu misse veruertheelt ginn, fir dass mir endlech dës Direktiv ëmsetze konnten a mir dat lescht Land sinn, wat am Fong dës Direktiv ëmgesat huet. Och wann dat dës Kéier vläicht e positiven Afloss hat a mir verschidde positiv Elementer aus anere Länner mat iwwehuele konnten, esou verhënnert dat awer net fir ze soen, dass mir do e bësse gelappt hunn.

Ech géif dofir e waarmen Appel un d'Regierung riichten, fir an Zukunft d'Direktiven - besonnesch déi, déi d'Salarat betreffen - esou schnell wéi méiglech an national Recht ëmzesetzen. Mir wësse jo ganz genau, dass d'Salarat ëmmer der normaler Entwécklung vun de Betriber hannendrun noleeft.

Als ADR wäerte mir selbstverständlech eis Zoustëmmung zu dësem Projet ginn.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als leschten Diskussiounsriedner huet den Här François Bausch d'Wuert.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll virausschécken, dass mir natierlech dat Gesetz och wäerte stëmmen. Ech wëll awer hei e puer kritesch Bemierkunge maachen, fir déi Euphorie, déi elo hei e bëssen opkomm ass par rapport zu där gesetzlecher Basis déi mir elo hei schafen, e bëssen anzedämmen.

Ech sinn der Meenung, dass dat hei zwar en éischte Schrëtt an eng richteg Richtung ass, mä awer nach ëmmer kee Grond ass fir euphoresch ze ginn oder ze mengen - wéi den Här Glesener dat ausgedréckt huet - dass dat wär e wesentleche Schrëtt an der Demokratiséierung vun eise Wirtschaftsstrukturen an deementspreechend vun de Betriber.

Den Här Glesener huet a sengem Rapport hei e Beispill zitéiert an e puer anerer hunn dat widderholl, nämlech dat vu Renault-Vilvoorde. Dat Beispill ass zwar vun der Direktiv hei betraff, mä et beweist awer och direkt, dass d'Verhandlungsbasis, respektiv d'Aflossméiglechkeeten - op der Basis vun dëser Direktiv - fir d'Gewerkschaften carrément Null sinn.

Am Fall vu Renault-Vilvoorde, wat näischt aneschtens war, wéi eng zimlech brutal Method vun engem Autoskonzern, deem et am Moment extrem gutt geet an dee Milliarde Benefisser mécht an eigentlech guer kee Grond hätt fir Sozialofbau oder Sozialdumping ze bedriewen, mä dat awer kalbliddeg am europäesche Raum mécht, hätt hei näischt kënne geännert ginn. D'Gewerkschafte wäere wahrscheinlech just e bëssen éischter vun hirem Schicksal informéiert ginn. Si hätten da vläicht éischter d'Méiglechkeet kritt fir dorop ze reagéieren.

Et gesäit een, datt op europäeschem Niveau - wann et drëm geet fir grenziwwergräifend Solidaritéit ze beweisen - d'Gewerkschaften am Moment nach net esou organiséiert sinn, wéi si dat eigentlech misste sinn. An dat am Vergläich mat der Organisatioun vun de Wirtschaftsstrukturen, esou wéi déi am Moment schonn organiséiert sinn. Déi Solidaritéit bleift zimlech oft - loosse mer soen - bei Worthülsen hänken an et passéiert net vill hannendrun. Hei ass konkret net vill aneschtens gelaf.

Dofir si mir als Gréng der Meenung, datt et am europäesche Kontext wichteg ass e Kader ze setzen, deem eng ganz Rei Saache vu Ufank un onméiglech mécht. Ee vun de Bestanddeeler dovun wär deem, datt mir géifen ewech komme vun enger Sozialcharta, op déi sech hei och bei der Direktiv beruff gëtt, mä déi awer total onverbindlech ass. Déi ass ganz grosszügeg vu jidderengem - ausser vun den Englänner, déi se eréischt nodréiglech ënnerschriwwen hunn - direkt ënnerschriwwen ginn. Déi bedeit awer eigentlech an der Praxis net vill.

Mir mengen, datt et wichteg ass fir an Europa minst Sozialstandaren ze kréien, déi dee Numm verdéngen. Ee Beispill ass, datt mir der Meenung sinn, datt et héich Zäit gëtt, datt en europäesche soziale Mindestloun agefouert gëtt. Dat ass awer nëmmen een Aspekt. Ganz vill anerer gehéieren och dozou.

Mir müssen endlech seriö gewerkschaftlech a sozial Rechter an eis Grondrechter vun Europa aschreiwen. Mir hoffen, datt mat der Charta vun de Grondrechter, déi elo an der Aarbecht ass, dat geschéie kann. Mir hoffen awer och, datt dat dann e verbindleche Charakter kritt an net nëmmen e reng litteraresche Charakter, dee schéin um Pabeier ze liesen ass, mä deem awer kee bënnt.

Et muss endlech dozou kommen - nodeems mir längstens en europäesche Wirtschafts- a Währungsraum geschafen hunn -, datt mir och e verbindlechen europäesche Sozialraum schafen. Esou laang dat net geschitt, sinn esou Saache wéi déi hei schéin a gutt. Et sinn éischt Schrëtt. Esou laang dee reglementaresche Kader awer net besteet, wäerten déi schéi Wieder um Pabeier Lettres mortes bleiwen an et wäert sech an der Praxis net ganz vill änneren.

Dofir si mir och der Meenung, datt dat hei net e wesentleche Projet ass, mä datt et en éischte Schrëtt an engem Zäitalter ass, wou mir scho vun de multinationale Konzernener ewech an zu Gigakonzerner iwwergaange sinn. Mir hunn an der Zwëschenzäit a verschiddene wirtschaftleche Beräicher monopolistesche Strukturen, wou quasi nëmmen nach véier oder fënnf Konzernener welt-

wäit operéieren a Marchée kontrolléieren. An esou engem Zäitalter - et deet mir leed - komme mir dem Sozialdumping an dem Ofbau vun de Sozialrechter net bäi, andeems mir esou Saache wéi dat hei maachen. Mir beschränken eis op Informatiouns- a Konsultatiounsrechter a schafe keng verbindleche Verhandlungsbasis.

Dofir - wéi gesot - stëmme mir dës Direktiv. Mir sinn der Meenung, datt et schonn en éischte Schrëtt ass deem opweist, a wéi eng Richtung d'Demokratiséierung vun eiser Ekonomie muss goen. Et dierf awer net dobäi stoe bleiwen. E soziaalt Europa ass déi wichtegst Erausforderung déi an den nächsten zéng Joer ze léisen ass.

Ech soen Iech merci.

M. le Président. D'Wuert huet elo den Aarbechtsminister, den Här François Biltgen.

M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen elo grad erëm vu Paräis, wou ech länger Zäit mat menger Kolleegin, der Mme Martine Aubry, iwwert d'Présidence geschwat hunn, déi d'Fransouse wëllen am Domaine sociale maachen. Do hu mir effektiv wëlles, an Europa e Schrëtt no vir ze maachen.

Dat gesot, war et mir e bësse peinlech feststellen, datt mir déi lescht sinn, déi dës Direktiv ëmsetzen. Op där anerer Säit muss een awer soen, Här President, datt déi Direktiv - dofir wëll ech och elo net an Euphorie verfallen - fir aner Länner méi wichteg ass wéi fir eis.

Et ass eng Direktiv - an dat hu mir och virun der Cour de Justice gesot, wéi mir condemnéiert goufen, mä et huet eis net gehollef -, déi mir scho selwer laang zu Lëtzebuerg an deene Betriber ëmgemat haten, wou se ëmzesetze war: d'ARBED, d'TDK, d'DuPont, d'Good-year, d'CLT, d'Mobil Plastics. Dat waren déi Entreprises, déi betraff sinn, an déi hu scho laang e Comité d'entreprise européen gehat, esou datt mir de facto déi Direktiv applizéiert hunn. Mir hate se just net an en Text ëmgemat. Doduerch goufe mir och condemnéiert.

Ech wëll och nach eng Kéier drop hiweisen, datt et haaptsächlech doru loung, datt mir d'Lëtzeburger Présidence haten, an duerno d'PAN-Gesetz. Mäi Ministère, deem deemools personalméisseg manner gutt bestéckt war, hat dunn e bësse Retard kritt, fir dat hei ze deposéieren. Ech wëll och hei ganz däitlech soen, datt ech festgestallt hunn, datt d'Chamberkommissioun selwer ganz séier - soubal d'Avien all do waren - dësse Projet finaliséiert huet. Ech wëll dofir och d'Geleeënheet notzen, fir besonnesch dem Président-Rapporteur, dem Här Marcel Glesener, awer och all de Membere vun der Kommission merci ze soe fir déi gutt a séier Aarbecht, déi si gelescht hunn.

Wéi gesot, ass et eng Direktiv, déi eigentlech fir eis zu Lëtzebuerg net vill Neies bréngt. Et ass awer eng, déi e wichteg Element an Europa ass, besonnesch an deene Länner, déi nach net esou wäit sinn an de soziale Standaren. Dofir ass et och wichteg, datt mir dat soziaalt Europa ausbauen. Eng Partie vun deenen Diskussiounen, déi ech de Moie mat menger franséischer Kolleegin

iwwert dat hat, wat si maache wëll, kommen och deem entgéint, wat e puer Riedner hei op der Tribün gesot hunn.

Et ass ënner anerem geplangt, fir en Agenda social opzestellen. Do waarde mir nach op eng Proposition vum der Kommissioun, déi nach net do ass. Et ass ganz sécher, datt Frankräich dat wäert maachen, wat Lëtzebuerg ëmmer verlaangt huet, nämlech ze kucken, datt mir d'Fro vum de Mindestockele vum de soziale Rechter op den Ordre du jour setzen.

Do drënner fällt d'Recht op e Mindestloun an Europa, ouni datt den europäesch harmoniséiert ass. Mä et ass eng Obligatioun fir all Land, fir e Mindestloun anzeféieren, respektiv och d'Recht op e Kënnegungsschutz, den net an all Land besteet. Dat sinn Diskussiounen, wou ech vill Hoffnungen an déi franséisch Presidentschaft setzen a Lëtzebuerg seng al Positioun nach wie vor verteidege wäert.

Et ass och hei vu Renault-Vilvoorde geschwat ginn. Do muss ech soen, datt Renault-Vilvoorde eigentlech net mat dëser Direktiv vill ze hëllefen ass, fir dat an Zukunft ze verhënneren. Fir Renault-Vilvoorde gëtt et eng aner Direktiv, déi 1998 déposéiert gouf. Dat ass och d'Direktiv "Information et consultation des travailleurs sur le plan national".

Déi gouf 1998 vum der Kommissioun déposéiert, mä et ass awer leider zënterhier net méi dru geschafft ginn. D'Kommissioun huet fir d'éischt gewaart, fir den Dossier vum der Société européenne ze débloquentieren, den awer net ze débloquentieren ass. D'franséisch Presidentschaft huet decidéiert, fir déi zwee Dossiere vuneneen ze trennen an dee vun der Direktiv "Information et consultation des travailleurs sur le plan national" prioritaire ze behandelen an duerch ze bréngen.

Dat ass den, dee géif Neierunge brénge fir esou ähnlech Fäll wéi Renault-Vilvoorde. Dat ass den, dee seet, datt, wann eppes ganz Schlëmme geschitt, da mol fir d'éischt déi Leit, déi an de Filiale vum deem Betrib schaffen, mussen informéiert ginn, ier d'Press do ass, fir datt si dat net mussen iwwert d'Press gewuer ginn.

Dat ass also och een Element, wou d'franséisch Presidentschaft wëll no vir kommen. Ech mengen, dat ass och een Element, op dat mir waarden; grad esou wéi eng Iddi, déi ënnert der Lëtzebuurger Presidentschaft gebuer gouf, an dat duerch de Rapport Gillenhammer, den deemools bestallt gouf. Dat ass déi, fir en Observatoire des mutations industrielles ze schafen. An deemselwechte Kader gesi mir net nëmmen, wat d'Bank- an d'Boursépraktiken ubelaangt, mä och wat d'Technologien ubelaangt. Mir gesinn, datt dauernd a groussen Entreprisë seier Change-menter kommen. Et ass wichteg, datt do en Observatoire besteet, den dat och mol vorbeugend suivéiert, fir ze kucken, wat fir eng Äntwerten ze kréie sinn.

Do ass et esou, datt d'europäesch Kommissioun den Dossier e bësse schleefe gelooss huet. Ganz interessanterweis ass de leschten Donneschdeg zu Bréissel um Forum de haut niveau vum allen europäeschen Institu-

tiounen an och vum de Sozialpartner - well d'Sozialpartner sech op europäeschem Plang selwer gëeent hunn - decidéiert ginn, fir den Observatoire des mutations industrielles erëm no vir ze bréngen. Ech ginn also dovun aus, datt d'Kommissioun an och eise Ministeschrot vum den Aarbechtsminister wäerte kënnen deemnächst mat deem Dossier befaasst ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat hei ass also e kleng Schrëtt fir eis, mä et ass scho méi ee grouse fir Europa. Et ass wichteg, datt nach aner Schrëtt kommen, an dofir setze mir eis an Europa nach wie vor als Lëtzebuurger Regierung an. Dat gesot, sinn ech frou, datt mol ee Punkt vum der Lëscht verschwénnt, wou mir gesot kréien, mir wäeren déi Lescht, an ëmmer géife soen, mir wäeren déi Bescht. Elo si mir dann erëm éischter déi Éischt.

Merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zu der Lecture vum den Articlele vum Projet de loi 4522 a stëmmen dann doriwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)

D'Artikelen 1 bis 63 si gelies an ugeholl.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert dee virleende Gesetzesprojet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass unanime mat 59 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Willy Bourg), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Claude Meisch), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Marco Schroell), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. John Schummer), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Alexandre Krieps), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jean Asselborn), Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Marc Zanussi), Mme Lydia Mutsch (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Mars Di Bartolomeo) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Fernand Greisen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jean Colombera);

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener.

Geëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Et sinn zwou Questions urgentes gestallt ginn. Déi éischt ass vum Här Camille Gira, an déi zweet ass vum Här Alex Bodry. Et sinn zwar zwou verschidde Froen, mä ech mengen, si sinn awer aartverwant mateneen. Si kënnen also allen zwee hir Fro virdroen, an de Minister wäert dann drop äntweren.

D'Wuert huet den Här Camille Gira.

9. Question urgente 609 de M. Camille Gira relative à la politique d'autorisations dans le cadre de la loi de 1982 sur la protection de l'environnement

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zënter engem Joer waarden déi Gréng gespaant op d'Reforme administrative Versioun DP. Zënter engem Joer froe mer eis wéi da prozedural Erliichterunge liberaler Natur sollen ausgesinn, an zënter engem Joer si mer besonnesch interesséiert, wéi dann zu Lëtzebuerg Natur- an Ëmweltschutz à la Goerens an à la Berger soll ausgesinn.

Abee, zënter gëschter schéngt et méi kloer ze ginn, a wéi eng Richtung dass et an deem do Beräich hei zu Lëtzebuerg soll goen, mä dat, wat do um Horizont erschéngt, mécht eis net ganz frou. Well zënter gëschter gesäit et aus, wéi wann deemnächst zu Lëtzebuerg déi einfachst Prozedur déi ass, wou guer keng Prozedur ass, dass dee schlankste Stat dee beschten ass, do wou guer kee Stat ass, an dass dee beschten Ëmweltschutz deen ass, wou guer keen Ëmweltschutz ass.

Här President, wou komme mer op déi Befürchtungen do? Gëschter huet de Mouvement écologique an enger Pressekonferenz mat ganz schaarf Wierder, mä awer och mat ganz kloeren Ënnerlagen a Beispiller déi aktuell Politik kritiséiert, wéi den Här Statssekretär seng Autorisatiounen am Ëmweltberäich, mä haaptsächlech am Beräich vum Gesetz vun 1982 iwwert den Naturschutz ëmsetzt.

Deeselwechte Mouvement écologique gräift dës Politik ganz schaarf un a beweist och mat Ënnerlagen, dass an enger Rei Beispiller, déi en ufëiert, een zumindest d'Fro muss stellen, ob dat Gesetz vun 1982 iwwerhaapt berücksichtegt ginn ass, ob et net carrément op eng Illegalitéit geet. Zumindest gesäit een awer, dass eng gängeg

Praxis, déi sech elo 20 Joer laang agebiergert hat, vun haut op muer op d'Kopp gehäit gëtt, dass eng Rei vun Autorisatiounen, déi dee fréieren Ëmweltminister nach ausgestallt hat, vun haut op muer an ouni Begrënnung anescht gestallt an an enger Rei Fäll dës Autorisatiounen och géint en dach awer inhaltlech valablen Avis vun den eegene Verwaltungen geholl ginn.

Dir kënnt Iech virstellen, dass dat och eis als Gréng ganz vill Suerge mécht. Et hat sech am Naturschutzberäich eng gewësse Praxis agefügt, a wa mer vläicht eng Rei net esou performant Ëmweltgesetzter hunn, sou kann een zumindest soen, dass dat Gesetz vun 1982 dozou gefouert huet, dass mer eis Landschaft awer net weider verschampeléiert hunn, wéi se vläicht déi Zäit war, an dass se zumindest am Ausseberäich vun eisen Uertschaften dofir gesuergt huet, dass awer e gewëssene Status quo erhale ginn ass.

Dofir wëllt ech den Ëmweltminister froen, ob seng Positioun an deenen Dossieren eigentlech déiselwecht ass, ob hien déi do Politik och ënnerstëtzt. Da wëll ech och nach wëssen, wat dann eigentlech d'Ursaache sinn, fir wat dass den Här Statssekretär esou eng Manéier un den Dag leet, fir esou labber mat gesetzleche Virschreften a mat Autorisatiounen, déi säi Virgänger erausginn hat, ëmzegoen.

Well et eis hei net nëmmen ëm déi puer Fäll geet, mä well hei wierklech e Broch an der Ëmwelt- a besonnesch an der Naturschutzpolitik wäert kommen, hu mer gläichzäiteg zu dëser Question urgente e Brëif un de President vum Parlament gemaach, fir dass mer dréngend an der Ëmweltkommissioun vun dëser Chamber iwwert dës puer Beispiller am speziellen, mä awer iwwert d'Naturschutzpolitik an d'Ausleeung vum Gesetz vun 1982 am allgemengen an deenen nächste Joren, an dëser Legislaturperiod, sollten diskutéieren.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Alex Bodry.

Question 11 avec débat de M. Alex Bodry relative à la protection de la nature

M. Alex Bodry (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn eigentlech keng Question urgente gestallt, mä eng Question avec débat, well ech effektiv der Meinung sinn, dass hei net esou séier eng Urgence virherrscht, mä en Explikatiounsbedarf besteet an där dote Fro, an et ass relativ schwéier, dat an deem kuerzen Zäitraum vun enger Question urgente ze maachen. Ech sinn awer gär bereet, meng Fro hei ze développéieren.

D'Informatiounen, déi de Mouvement écologique ginn huet, sinn elo der Öffentlechkeet zoukomm. Ech verheemlechen awer net, dass schonn an deene leschte Woche verschidde vun deenen dote Fallbeispiller kurséiert sinn an Ëmweltschutzkreesser, an et ass sécherlech amgaangen, e seriöse Malaise an der Forstverwaltung ze entstoen, besonnesch am Service de la Protection de la Nature. Dat geschitt net nëmme weinst den Dossieren,